

Enseignement Schoul - Musekschoul : E Vergläich

Wat muss e Kand am Sproochenunterricht léieren?

De Klank vun de Buschtawen, de Wieder, de Sätz a wéi se ausgeschwat ginn. De Sënn dervun a wéi se geschriwwe ginn. Dat wat um Blat geschriwwe steet a wat et héiert, erëmerkennen, verstoen a reproduzéiere kënnen.

Wat muss e Kand am Museksunterricht léieren?

De Klank an d'Solmisatioun mat de Virzeeche vun de Nouten, den Intervallen, den Dreikläng, de Gammen. De Sënn dervun a wéi se geschriwwe ginn. Den zäitlechen Oflaf vum Rhythmus. Melodië solmiséieren an opschreiwen. Dat wat um Pabeier steet a wat et héiert, erëmerkennen, verstoen, solmiséieren a reproduzéiere kënnen.

Fir dësen Text

**Zéngtausend Ketteblummen déi hunn hiert Gold verluer;
Zéngtausend Käerzeblumme goufen an d'Plaz gebuer...**

René Kartheiser¹⁸

liesen, verstoen a reproduzéieren ze kënnen, muss d'Kand:

1. De Klank vun de Buschstawen kennen.
2. De Klank an de Sënn vun de Wieder kennen.
3. De Klank an de Sënn vun de Sätz kennen.
4. D'Orthographie vun der Schrëft kennen.

D'Tounhéicht an de Rhythmus vun der Sprooch sinn net duerch Zeeche festgeluecht.

Fir dës Melodie

Moderato ♩ = 108 - 112 Léopold Winandy

ze verstoen a vum Blad intonéieren ze kënnen, muss d'Kand:

1. De Numm an de Klank vun de Noute kennen.
2. D'Intervallen, d'Dreikläng, d'Gamme mat de Virzeeche solmiséiert intonéiere kënnen; d'Tounarten an hiere Sënn kennen.
3. D'Melodie rhythmesch a melodesch verstoen a virdroe kënnen.
4. D'Nouteschrëft séier erfaassen.

Am Géigesaz zu engem Text ass eng Melodie op genau festgeluechten Héichten ze intonéieren an de Rhythmeschen Oflaf ass duerch Zeeche festgeluecht.

D'Léierpraxis vun den Intervallen, den Dreikläng, de Gammen op Grond vum Solfègeprogramm vun 2005/2010.

1. De Schüler léiert de Klank mat anonymen Téin, "sur son donné". Akustesches ginn nëmmen déi elementarst Intervallen, Dreikläng a Gammen ouni Solmisatioun, ouni "Orthographie" op de Silbe "la-la-la" oder "nü-nü-nü" imitéiert.

2. D'Musekstheorie gëtt ouni de Klank, deen absolut derzou gehéiert, - construire et spécifier - geléiert.

Déi zwou Enseignementsbranche befäegen de Schüler net, d'Nouteschrëft ze verstoen an ze reproduzéieren.

Beispill wéi et idealerweis soll sinn:

An der Primärschoul soll d'Wuert an de Begrëff "Apel" geléiert ginn :

1. D'Kand **léiert** d'Wuert, wéi et klénkt, wéi et ausgeschwat, geschriwwe gëtt an 't léiert de Sënn vum Wuert.
2. Wann d'Kand d'Wuert "Apel" **héiert** : muss et d'Wuert um Klank erëmerkennen, verstoen, sech virstelle kënnen wéi sai Sënn ass, wéi et ausgeschwat a geschriwwe gëtt.
3. Wann d'Kand d'Wuert "Apel" **gesäit** : muss et d'Bild vum geschriwwene Wuert erkennen, sech de Klank vum Wuert mental virstellen an et ausschwatze kënnen.

An der Musekschoul soll den Intervall an de Begrëff "sol-mi" geléiert ginn :

1. D'Kand **léiert** d'Bild vum Intervall am Liniensystem kennen. 'T léiert wéi den Intervall klénkt a wéi en ausgeschwat / gesongen / solmiséiert gëtt, 't léiert wéi den Intervall geschriwwen an définéiert gëtt. Den tounartleche Sënn vum Intervall léiert d'Kand am Zesummenhank mat der Tounart, der Melodie déi et solmiséiert, an entwéckelt e Gefill fir d'Stellung vum Intervall an der Melodie, an der Tounart.
2. Wann d'Kand den Intervall "sol-mi" **héiert** : muss et den Intervall um Klank erëmerkennen, verstoen, sech e mental virstelle kënnen, wësse wou en an der Tounart steet, wéi e gesongen / solmiséiert gëtt a wou en am Liniensystem steet fir en ze schreiwen.
3. Wann d'Kand den Intervall an enger Nouteschrëft **gesäit** : muss et d'Bild vum Intervall erkennen, sech de Klank an d'Positioun vum Intervall an der Tounart mental virstelle kënnen a wëssen, wéi e gesongen / solmiséiert gëtt, fir e virzedroen.

Am Détail wéi et de Moment ass:

D'Kand **léiert** den Intervall "sol-mi" an der Theorie schreiwen - construire et spécifier - , den Intervall gëtt net mat der Solmisatioun intonéiert.

Klanglech gëtt den Intervall "sur son donné" geléiert, ouni Solmisatioun, Tounartleche Positioun, klanglech Virstellung, ouni Schreifweis. De Wëssensfloss tëschent der Theorie, dem "sur son donné" an dem noutwennege solmiséierte Sengen, existéiert net.

D'Kand **héiert** den Intervall a soll en opschreiwen. De Klank vum Intervall "sur son donné" ass net un Noutenimm, un Noutelinnien, un eng Tounart an un eng Funktioun gebonnen. 'T besteet just en Zesummenhank mam "Hänschen klein" - "sur son donné", et besteet keng Verbindung mat dem geschriwwenen Intervall.

D'Kand **gesäit** den Intervall "sol-mi" an der Lecture à vue, déi et sange soll. Fir dësen Intervall ze sängen, muss d'Kand fir d'éischt erausfannen, datt et eng kleng Terz virun sech huet (Theorieaufgab). Da muss et d'Identitéit mam "Hänschen klein" maachen, ier et den Intervall "sur son donné" intonéiere kann. Da muss et de Klank op d'Noutenimm "sol-mi" aus dem Theorieunterrecht iwwerdroen, fir den Intervall ze solmiséieren.

Dësen abstrakten an onméigleche Gedankewe ass an der Praxis net ze réaliséieren a fir d'Lecture à vue an d'Diktat net ze gebrauchen.

Wéi einfach wier et, d'Intervallen, d'Gammen an d'Dreikläng vun Ufank un niewend dem "sur son donné" och mat de Virzeechen ze solmiséieren.

Dat wat de Schüler brauch, léiert en an séngem Instrumentalunterricht. Dës Tatsaach an d'momentan Situatioun am Solfège mécht de Solfège schlicht an einfach iwwerflësseg.

Schued ! Well wat ech an Ungarn gesinn an erlieft hunn, huet mech iwwerzeegt, datt de Solfège e wonnerbare Musekskurs ass fir d'Nuteschrëft an d'Musek ze léieren, wann e richteg konzipéiert an applizéiert gëtt.

Wéi sot de *Zoltán Kodály* : **“Gehör und Verstand zu schulen, ist Aufgabe des Solfège-Unterrichts.”**

De *Michel Vergnault*, Museksinspekter am Frankräich schreift 1986 :

“Eng vun den Aufgabe vum Solfège-Cours besteet doran, d'Noutenimm an de Klank zesummen ze bréngen an duerch vill Solmisatiounstraining beim Schüler en Automatissem z'entwéckelen fir d'Nuteschrëft séier z'erfaassen, ze verstoen an ze reproduzéieren”.

Zesummefaassung:

1. Am **“sur son donné”** feelen all **visuell** Elementer, déi gebraucht ginn, fir d'Nuteschrëft ze léieren, ze verstoen an ze reproduzéieren. Dat sinn :

- d'Lokalisatioun vun den Nouten am Liniensystem.
- d'Solmisatioun mat de Virzeeche vun
- den Nouten,
- den Intervallen,
- den Dreikläng,
- den Tounarten an domat verbonnen der Acquisitioun vun
- dem Tounartegefill.

2. An der **Theorie** feelen all **klanglech** Elementer, déi gebraucht ginn, fir d'Nuteschrëft ze begräifen an ze reproduzéieren. Dat sinn :

- d'solmiséiert Intonatioun mat de Virzeeche vun
- den Nouten,
- den Intervallen,
- den Dreikläng
- den Tounarten an domat verbonnen der Acquisitioun vun
- dem Tounartegefill.

Wat d'Kand méi kleng ass, wat d'Vitess vum Gediechtnes méi e grouse Virsprong huet op d'Vitess vum Denken, d.h. et weess eng Solfègelektioun auswendeg, éier et d'Chance hat fir d'Schrëft ze verstoen.

3. “Eng Solfègelektioun baut op de virdu geléierte Rhythmus-, Intonatiouns- a Solmisatiounsübungen op. Si setzt se viraus, applizéiert se. En einfacht Ofsange vun enger Solfègelektioun notzt dem Kand wéineg. Et soll fir d'éischt befäegt ginn, intonéieren an am Rhythmus solmiséieren ze kënnen !”